Socourt an den Vogesen

Bei beschtem Grillwieder mat Temperaturen iwwer 20° Grad, hat de Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg sech op de Wee gemaach fir op Socourt an d´Vogese fëschen ze fueren. Um Weier ukomm konnte mir direkt eemol feststellen dass vill geschafft gi war säit mir fir d´lescht do gefëscht hunn, esou sinn déi dräi Chaleten déi den Här Jean – Louis Thomas eis schonn dat lescht Joer ugekënnegt hat an der Maach. Den zweete Weier fir d´Méckenfëscher ass och an Tëschenzäit opgaangen an et sinn och neierdéngs Booter op dëser Plaz ze léine fir ze fëschen. Dëst ass mat Sécherheet eng Opwäertung vun dësem Site a bedéngt duerch déi ee bësse méi wäit Urees, och eng Iwwerleeung wäert fir villäicht dat nächst Joer ee Week – end op dësem Site ze verbréngen, zemools wou ee laut dem Garde de pêche och nach kann een Deel vun der Musel befëschen déi och direkt parallel zum Site verleeft. Eng vun de Besonneschkeete vun dësem Site ass och, dass een an Duerf fuere muss wou am Gemengenhaus eng Fiche ausläit wou een sech androe muss an uschléissend de Betrag wou d´Fëscherei kascht, 27 € fir de ganzen Dag, an eng Enveloppe mécht an Dës dann an eng dofir virgesinne Këscht agehäit. Mir haten zu 13 Fëscher op de Wee gemaach fir hei ee schéinen Dag ze verbréngen a wei mir Alleguerten agetraff waren hunn ech d´Souën opgehuewen a sinn op d´Gemeng gefuer fir eis anzedroen, esou konnten eis Fëscher direkt lass leeën.

Wei schonn ernimmt hate mir et mam Wieder gutt erwëscht esou dass mir eis konnten fir dëst Joer eisen éischte Sonnebrand ofhuele an Owes haten d´Fëscher net nëmme rout Backen. Ewéi mir bei de Weier bäigefuer si, sinn eis natierlech och dëst Joer direkt déi vill Gobagen an d´A gestach an déi meeschte vun eise Fëscher hunn sech dunn och direkt erëm derzou verleede gelooss mat der dréchener Méck unzefänken. Dat war awer och dëst Joer net déi richteg Method och wann et duerno ausgesinn hat an esou sinn dann och dëst Joer erëm wéineg Fësch gefaange ginn. An wat mécht een an dësem Fall..... rrrichtisch ..... géif de Raymond elo soen, et profitéiert ee vum gudde Wieder fir ausgibeg ze Picknicken an dat hunn mir och gemaach, zemools wou mir dat och ganz gutt kënnen.

Schonn vun Wäitem konnt een Dampzeechen gesinn wéi den Jemp den Grill ugefaangen huet an esou war et och net verwonnerlech dass Abee mol keen Fëscher méi um Weier war mee se sech Alleguerten ronderëm den Grill versammelt haten an ewell et jo awer eng Zäitchen dauert bis déi Kuelen op Temperatur sinn, konnten mir duerfir ëmsou méi eisen Aperitif genéissen. An dobäi huet een natierlech déi beschten Zäit fir vun deenen Fësch ze schwätzen déi een bal gefaangen hätt oder

déi erëm lass gaangen sinn oder déi een villäicht gefaangen hätt wann en dach mat enger anerer Méck gefëscht hätt, dat heescht gemenger Hand Fescherläitain.

Ah jo.... eigentlech ware mir jo awer op Socourt gefuer fir mat der Méck ze fëschen, Nu jee also dann ..... wéi mir bei de Weier bäigefuer sinn do war den Eugéne schonn am Gaangen, mat senger selwer gebauten neier grénger Staang, ee Fësch ze drillen an dunn hunn mir geduecht dass et jo awer scho gutt géif lass goen, och déi vill Gobagen um Waasser hunn versprach, mee séier goufe mir awer eppes Bessere beléiert, ewell et war ganz schwéier Fësch ze fänken. Et ass awer och direkt an d´A gestach dass de Sedat schonn eppes fonnt hat woumat Hien am Gaange war Fësch ze fänken. Ewell ech awer och all Joers ee Film iwwert eis Sortië maachen, sinn ech dunn bei Hien an den Eck gaange fir Hien ze filmen, ewell dat mécht jo ëmmer gutt op de Filmer wann mir Fësch fänken, an ewéi ech schonn eemol do war ..... hunn ech Hien dun och gefrot mat wat Hien géif fëschen ..... natierlech nëmme fir dat ze dokumentéieren. Hien huet mat engem wäisse Streamer gefëscht deen Hien fir d´éischt ganz op de Fong goe gelooss huet an dann ugefaangen huet Dëse mat laangen, luese Stripen eran ze huelen, esou konnt Hien ee puer ganz schéi Forelle fänken.

No dem gudde Rotschlo vum Sedat hunn ech mech op de Wee gemaach bei den Albert, Hien huet schonn ee bësse geflemmst a war vill op Wanderschaft, ewéi ech Hien dunn endlech ageholl hat hunn ech Him ee mol direkt de Geheimtipp vum Sedat weiderginn a wat soll ech soen .... ze guer den iwwerzeegten dresche Méckenfëscher Albert huet dunn och Fësch gefaangen.

Ech fir mäin Deel konnt mech nach drun erënneren ewéi et d´ lescht Joer geklappt hat an hunn mech och dorunner orientéiert an esou konnt ech mam orangen Bloby un der Intermediaire Schnouer och ee puer schéi Fësch fänken.

De Jemp hat och ugefaange mat der dréchener Méck, ewéi esou vill aner Fëscher och, an hat domadder awer net dee gewënschten Erfolleg. Hien huet dunn och op de Streamer gebaut an hat ze guer eng schéi Piisch op déi Aart a Weis gefaangen.

Eise President de Jeek hat erëm seng eege Method fir ze fëschen, Hien huet ze guer iwwert dem Iesse gefëscht an huet awer nach Touche kritt, Hien huet et eben eraus mee duerfir ass Hien jo och eise President. Hien hat awer och säin treie véierbeenege Begleeder ,de Mister Winston, dobäi a Sie Zwee si schonn eng flott Koppel. De Mister Winston fir säin Deel war scho vill méi aläert an et konnt ee gesinn dass Hien sech schonn esou lues un säi komesche Meeschter gewinnt huet.

Mir haten awer de ganzen Dag iwwer eng wonnerbar Stëmmung a wann ech eppes beim Méckenfëschen a speziell beim Fly Fishing Club geléiert hunn dann, dass een d´Gelénge vun engem flotten Fëscherdag, Weekend oder Fëschervakanz, net soll vun der Unzuel vun de gefaangene Fësch

ofhängeg maachen, villméi ass dat Ronderëm, ënnert Kollegen ee schéinen Dag bei eiser gemeinsamer Passioun verbréngen, vill méi wichteg an net mat Geld ze bezuelen.